



(Interruption)

...well een...

Ech fänke bei mir selwer un. Ech war ni een Héichleeschtungssportler, Madame Brasseur. Duerfir kann ech net direkt...

► **Mme Anne Brasseur** (DP).- Awer Trainer a Footballspiller.

► **M. Romain Schneider**, *Ministre des Sports*.- ...do matschwätzen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- ...et ware lauter duerchtrainéiert Leit, déi hei geschwat hunn.

► **Une voix**.- Très bien!

(Hilarité)

► **M. Romain Schneider**, *Ministre des Sports*.- Bon, ech mengen, datt et och wichteg ass...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Beim Rapporteur ugefaang, beim Minister opgehale. Alles duerchtrainéiert Kierperen.

(Hilarité)

► **M. Romain Schneider**, *Ministre des Sports*.- Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt domat eigentlech just soen, datt niewent deem schoulesche Werdegang, selbstverständlech och no enger Sportscarrière, no enger flotter Sportscarrière, och duerno nach muss gekuckt ginn, datt de Sportler richteg preparéiert ass, fir och an eng professionell Carrière eranzegoen.

An an deem Sënn soen ech jiddwerengem e grouse Merci fir déi grouss Ennerstëtzung fir dëse Projet. Mir mussen och an Zukunft virschaffen. An ech sinn iwwerzeegt, datt dëse Sportlycée an d'Schülerinnen an d'Schüler, déi do erauskommen, eis vill Freed wäerte maachen.

Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. le Président**.- Merci dann och nach dem Här Sportsminister. Domadder wär d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6365 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss an de Projet de loi 6365 ass ugehoill mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Aدهم, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Martine Mergen), Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank (par M. Marcel Oberweis), MM. Léon Gloden (par M. Lucien Clement), Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter (par M. Serge Wilmes);

MM. Marc Angel (par M. Ben Scheuer), Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch (par Mme Josée Lorsché), Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6313 iwwert d'Carte d'identité vum Corps diplomatique. Hei ass d'Riedezeit nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo just ageschriwwen: déi Hären Eischen a Kartheiser. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Ben Fayot, deen de Rapporteur vum Projet, den Här Marc Angel, ersetzt. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

10. 6313 - Projet de loi relatif à la carte d'identité pour les membres des Corps diplomatique et consulaire résident et les agents de l'Union européenne et des organisations internationales ayant leur siège au Luxembourg

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **M. Ben Fayot** (LSAP), *en remplacement de M. Marc Angel, rapporteur*.- Här President, wéi Der gesot hutt, ass de Rapporteur, de Marc Angel, am Ausland fir d'Chamber, an e biet och, hien ze entschëllegen, dass en haut net kann hei sinn. Ech probéieren, en esou gutt, wéi dat méiglech ass, ze ersetzen.

Här President, zu Lëtzebuerg gëtt et Ambassaden, et gëtt Konsulater, et gëtt europäesch an international Institutiounen. D'Personal dovunner ass ënnerschiddlech. Et sinn Diplomaten, héijer Beamten, mä och administrativ Personal, Chaufferen an Hauspersonal. An derbäi kommen d'Famillje vun deene Leit. An da gëtt et Persounen, déi och Éirekonsul vun engem frieme Land hei zu Lëtzebuerg sinn, mat deem se sech besonnesch verbonne fillen.

Hir Situatioun gëtt vun internationalen an europäesche Verträge a Protokolle bestëmmt, déi am Artikel 1 vum Gesetz opgezielt sinn. E gemeinsame Privileg fir déi verschidden Zorte Leit ass d'Dispens vun den übleche Formalitéite fir d'Immigratioun an den Openthalt zu Lëtzebuerg. D'Openthaltsgenehmegung besteet dann aus enger Diplomatekaart oder enger Legitimationskaart, déi alle béid vum Ausseministère ausgestallt ginn. D'Diplomatekaart ass fir Leit mat engem Diplomatestatut. Dat sinn diplomatesch Agenten an och héijer europäesch an international Beamten. Dee Corps diplomatique ass par définition résident... Pardon, de Corps diplomatique ka résident oder net résident sinn. De konsularesche Corps ass par définition résident. Duerfir ass am Titel vum Gesetz „résident“ ouni S geschriwwen, well dat Adjektiv sech exklusiv op consulaire bezitt. Et muss een dat wëssen, fir deen Titel ze verstoën, an déi Formulatioun ass dann och vläicht fir een, deen dat net weess oder d'Gesetz net esou prezis kennt, e bëssen irreführend.

D'Legitimationskaart ass fir dat Administrativ, Technesch am Dénsgscht vun den Diplomaten an Hauspersonal, dat net um Lëtzebuurger Aarbechtsmaat rekrutéiert gëtt an dat an den Ambassade respektiv fir Agente mat engem Diplomatestatut schafft.

2011 ware beim Lëtzebuurger Ausseministère 174 diplomatesch Missiounen an Delegatiounen accreditéiert. 22 Länner hunn eng Ambassade, déi zu Lëtzebuerg résidéiert. 132 Ambassade résidéieren zu Bréssel.

2011 goufe 96 diplomatesch Kaarten ausgestallt, an 88 Legitimationskaarten, also insgesamt 184 Kaarten. 87 Diplomatekaarte goufe verlängert. D'Kaarten, déi elo am Gebrauch sinn, sinn duerch en Arrêté grand-ducal vum 13. März 1954 definéiert a stamen also aus enger Zäit, wou d'Kaarten nach ganz anerer waren. Dës Kaarten entsprechen den heitege Sécherheetsnormen net méi, well se aus cartonnéiertem Pabeier bestinn.

An Diplomaten a héijer Beamten aus den Net-EU-Länner, déi zu Lëtzebuerg accreditéiert sinn, hu regelméisseg Problemer op de Bausegrenze vun der Europäescher Unioun dowéinst, well d'Grenzpolizei déi Kaarten oft als net méi gültig betruecht. An dës Kaarte stellen natierlech dann och eng Dispens vu Visa fir den Titulaire duer. An dofir ass et wichteg, dass se iwwerall uerkannt ginn. Et geet also drëm eng nei Zort Kaart anzeféieren, déi den heitege Sécherheetsnormen entsprécht. An dëst Gesetz schafft d'legal Basis dofir.

Da gëtt och nach de Champ d'application op déi international Beamten ausgeweit, d'Situatioun vun de Familljemembere geregelt an d'Dauer vun der Validitéit vun de Kaarte festgeluecht. Et gëtt och eng Kaart fir d'Identifikatioun vun den Honorarkonsulen agefouert, déi awer keng spezifesch Avantagen iergendenger Natur enthält, also just en Ausweis ass fir de Fall, wou se esou ee bräichten.

Déi zoustänneg Kommissioun huet den ursprüngelechen Text amendéiert an deem Sënn, dass Kanner vun de Kaarteninhaber net méi all Joer e Certificat de scolarité mussen aschécken. Doduerch gëtt de Verwaltungsofwand fir de Ministère a fir déi europäesch Institutiounen méi kleng. Dëst gëllt bis zum Alter vun 18 Joer. Do kann d'Recht op eng Kaart fir fënnf Joer bis zum Alter vu 27 Joer verlängert ginn. A bei där Demande fir d'Prolongatioun muss dann e Certificat de scolarité virgeluecht ginn.

E weideren Amendement betrëfft d'Dauer vun der Kaart fir Persounen, déi am Dénsgscht vun europäeschen Institutiounen an internationalen Organisatiounen sinn. Et war virgesinn, déi Kaart fir fënnf Joer auszustellen. Wann d'Mandat vum Détenteur net limitéiert ass, bleift d'Dauer vu fënnf Joer bestoen. Wann d'Dauer vum Mandat zum Beispill op sechs Joer beschränkt ass, wéi dat zum Beispill de Fall ass fir d'europäesch Cour des Comptes, gëtt d'Dauer vun där Kaart dorobber alignéiert.

Dat sinn, Här President, déi Haaptbestëmmunge vun deem Gesetz. An ech bréngen dann auch natierlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci dem Här Fayot. An den Här Eischen kritt elo d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Félix Eischen** (CSV).- Merci, Här President. Mir bleift no deem ausféierleche Rapport vum Här Fayot...

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Très bien!

► **M. Félix Eischen** (CSV).- ...respektiv och vum Här Angel soss näischt méi ze soen, wéi den Aval vun der CSV-Fraktioun ze ginn.

► **M. le Président**.- Merci dem Här Eischen. Den Här Kartheiser, wann ech gelift.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och vun eiser Säit aus e grouse Merci un de Rapporteur, an zwee Kommentaren.

Den éischte betrëfft d'Behandlung vun den auslänneschen Diplomaten zu Lëtzebuerg. Ech mengen, déi Erliichterungen, déi an deem Gesetz sinn, si sécher ganz positiv ze gesinn, well et dierf een net vergiessen, datt d'Behandlung vun den Diplomaten a vun den héijen auslännesche Fonctionnaires och e Standortfaktor ass fir Lëtzebuerg. An et ass scho wichteg, datt déi Leit, déi jo awer wierklech net onwichtig sinn, sech hei am Land och wuelfillen an och gutt behandelt ginn.

Dofir muss een och soen - Här Minister, an ech géif lech dat un d'Häerz leeën, fir et och Äre Kolleegen aus de Finanzen ze soen -, datt verschidden Onflexibilitäten, déi heiansdo bestinn, notament a Steier-, Enregistrementsfroen oder och bei den Distinctions honorifiques fir auslännesch Diplomaten, datt déi wa méiglech ze évitéiere sinn, notament well et jo och eist Land näischt kascht, well de Prinzip vun der Réciprocitéit gëllt a well et heiansdo Problemer mat Lëtzebuurger Verwaltungen gëtt. An dat ass sécher net gutt fir eis Image de marque géintwuer deene Corpsen. Also, et ass scho wichteg, datt Der och de Finanzminister op déi doten Aspekter opmierksam maacht.

Dann eng zweet Bemierkung: Am Gesetz ass elo och eng Regelung, datt déi gläichgeschlechtlech Koppelen, d'Conjointen uerkannt ginn, datt déi och dann eng Carte d'identité diplomatique kréien. Wa se also e Mariage oder e Pacs hunn, do muss een ebe just oppassen, datt dann och déi Form vu Partenariat an deem Land uerkannt ass, wou déi Leit hierkommen, dat heescht am État accreditant, an net op eng Lëtzebuurger Regelung baséieren, wann déi an deem Land net uerkannt ass. Well et ass jo dat Land, wat decidéiert, wie mir hei op eis Liste diplomatique un éischer Plaz setzen, well si jo den Agrément fir déi Leit mat dann hirer Famill froen.

Also et ass einfach wichteg, datt mer dann do d'Prozedur respektéieren an hei keng Akte vum État civil setzen, déi da bei deenen Diplomaten am Ursprongsland net géifen uerkannt ginn.

Mat deenen zwou Bemierkungen ginn ech awer ganz gär den Accord vun der ADR fir dëse Projet.

Villmools Merci.

► **M. le Président**.- Merci dem Här Kartheiser. An d'Wuert kritt elo den Här Ausseminister Jean Asselborn.

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères*.- Här President, ech mengen, wat d'Substanz ugeet, géift Der mech vläicht dispenséieren nach eppes derbäizefügen. Wat den Här Fayot gesot huet am Numm vum Här Angel, dat war komplett. An déi zwou Remarqué vum Här Kartheiser huelen ech mer zu Häerz.

Merci.

► **M. le Président**.- Merci. An domadder wär d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6313 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

De Vote ass ofgeschloss an de Projet de loi 6313 ass ugehoill mat 59 Jo-Stëmmen géint eng Nee-Stëmm.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi n°6313 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Aدهم, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Christine Doerner), Nancy Arendt (par Mme Martine Mergen), MM. Fernand Boden (par M. Lucien Clement), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank (par M. Paul-Henri Meyers), MM. Léon Gloden (par M. Marcel Oberweis), Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth,

Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter (par M. Serge Wilmes);

MM. Marc Angel (par M. Ben Scheuer), Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat also esou decidéiert.

Eisen nächste Projet de loi ass de Projet 6433, en Accord iwwert d'Kooperatioun tëscht den EU-Memberstaten an Indonesien. Hei hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Eischen a Braz. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Ben Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

11. 6433 - Projet de loi portant approbation de l'Accord-cadre global de partenariat et de coopération entre la Communauté européenne et ses États membres, d'une part, et la République d'Indonésie, d'autre part, et de l'Acte final, signés à Jakarta (Indonésie) le 9 novembre 2009

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **M. Ben Fayot** (LSAP), *rapporteur*.- Här President, dësen Accord-cadre fir d'Partenariat an Zesummenaarbecht zwësche Lëtzebuerg an Indonesien ass géint den Hannergrond vun de Relatiounen zwëschen de Länner vun Südostasien an der Europäescher Unioun ze gesinn. Déi Relatiounen ginn op d'70er Joren zrëck. 1967 hu bekanntlech fënnf Länner a Südostasien, nämlech Thailand, Indonesien, Malaysia, d'Philippinen a Singapur, d'ASEAN gegrënnt. Dat ass op Englesch Association of Southeast Asian Nations, an op Franséisch ANASE, Association des Nations de l'Asie du Sud-Est.

An den 80er an an den 90er Jore si fënnf weider Länner derbäi komm, nämlech Brunei, Vietnam, Laos, Myanmar a Kambodscha. Papua-Neuguinea - dat onofhängegt - huet e Beobachterstatus, an Osttimor huet gefrot, fir Member ze ginn.

Dat ass eng Populatioun vun annähernd 600 Milliounen Awunner aus ganz ënnerschiddleche Länner, mä déi eng formidabel Wirtschaftsdynamik un den Dag leeën.

1980 ass en Accord zwëschent der europäescher Gemeinschaft an der ANASE ënnerzeechent ginn, deen de Kader vun de bilaterale Relatiounen zwëschent de fënnf Länner mat de Länner vun der deemoleger Gemeinschaft festgeluecht huet.

2004 huet d'Europäescher Unioun ugefaang Accords-cadres de partenariat an och vun Zesummenaarbecht mat deeneselwechte Länner auszehandelen. D'Iddi war an ass - dat ass de Fong vun der Saach - e Préalabel fir Négociatiounen, fir e Fräihandelsafkommen zwëschent der Unioun an den ASEAN-Länner ze schafen. Viréwech soll geholl ginn, dass e Gesamtaccord zwëschent der ASEAN an der Europäescher Unioun wéinst der grousser Verschiddenheet vun de südostasiatesche Länner net méiglech ass, an dofir gouf op bilateral Verhandlungen zréckgegraff.

D'Négociatiounen fir d'Accordé fir Partnerschaft an Zesummenaarbecht goufen 2007 mat Indonesien ofgeschloss. Indonesien huet deen Accord am Juli 2009 paraphéiert, an e gouf am November 2009 ënnerschriwwen, a gëtt haut mat deem Gesetz fir Lëtzebuerg ratifiéiert.

Insgesamt geet et der Europäescher Unioun drëm an dëser Géigend, wou d'Influenz vu



China a vun den USA grouss a staark ass, Presenz ze markéieren. Am Accord mat Indonesien, dem gréissten islamesche Land vun der Welt, gesäit d'Europäesch Kommissioun och e Modell fir e Partnariat zwëschent den Zivilisatiounen.

Et geet konkret drëm zwëschent der Europäescher Unioun an Indonesien d'Bezéiungen ausbauen. Indonesien ass e Land mat 242 Milliounen Awunner, ass de véierten Handelspartner vun der Euopäescher Unioun an der ANASE, en Handelspartner och vu Lëtzebuerg, a spillt international eng wichteg Roll.

Den Accord-cadre, dee mer haut sollen approuvéieren, schaaft ee moderne Kader fir ons Relatiounen mat Indonesien a behandelt niewent wirtschaftleche Perspektiven och politesch Aspekter, wéi zum Beispill Ëmwelt, Klima, Energie, Wëssenschaft, Technologie an Transport.

Den Accord erlaabt och eng Zesummenaarbecht am Kampf géint d'illegal Immigratioun, d'Wäisswäsche vu Kapital, den Drogenträfic, d'organiséiert Verbrieche an d'Korruptioun. En enthält och en zwéngenden Engagement fir d'Mënscherechter an de Kampf géint den Terrorismus. Indonesien engagéiert sech domat, fir de Statut vun dem internationale Geriichtshaff ze akzeptéieren.

Dësen Accord ass de Kader fir d'Négociatiounen fir e Fräihandelsfokkomes, wéi ech scho gesot hunn, zwëschent der Europäescher Unioun an Indonesien. En entspriechend Mandat gouf vum Conseil den 22. Dezember 2009 décidéiert. Den Här Karel de Gucht, de Kommissär fir Aussenhandel, huet den 12. Juni 2012 op enger Réunioun zu Bréissel zwëschent ASEAN-Länner an der Europäescher Unioun gesot, dass den Handel zwëschent der Europäescher Unioun an den ASEAN-Länner 2011 honnert Milliarden Euro uitgemaach huet. D'Europäesch Unioun ass déi Haaptexportdestinatioun vun den ASEAN-Länner. Europa ass och den Haaptinvestor an den ASEAN-Länner.

E kuerzt Wuert iwwer Indonesien selwer. Dëst war an ass keen onproblematescht Land. Dat ass e Land, wat säit 1945 Joer onofhängeg ass. An et gouf säit senger Onofhängegkeet vu staarke Männer, dem Här Sukarno an och dem Här Suharto, diktatorial gefouert an huet sech du lues a lues méi demokratesch Strukturen ginn a kann also haut als en demokratescht Land considéiert ginn.

Et bleiwen natierlech Problemer och vu Mënscherechter a Rechter vun de Minoritéiten. Zum Beispill am westlechen Deel vu Papua-Neuguinea, dee jo zu Indonesien gehéiert, do ass en immensen Territoire, wou sech déi klasesch Problemer stelle vun Urbevölkerung, vu Rodung vun deene risege Bëscher, vu Monokulturen an och vun Exploitatioun vun de Buedemschätz. An ech mengen, et ass och wichteg, dass d'Europäesch Unioun an hirer wirtschaftlecher Aktivitéit mat esou engem Land hir Prinzipien an hiren Asaz fir d'Mënscherechter net aus den Ae verléiert.

Dat gesot, Här President, géif ech d'Chamber bidden dësem Accord-cadre zoustëmmen. Et ass e wichtegt Element an der Aussenpolitik vun der Europäescher Unioun hin zu Südostasien. An ech ginn och den Accord vu menger Fraktioun.

► **Une voix.**- Mir och!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur Ben Fayot. An elo kritt den Här Félix Eischen d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Félix Eischen** (CSV).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, viwech dem Rapporteur, dem honorabele Ben Fayot, e grouse Merci fir säi Rapport.

Indonesien huet kuerz nom Zweete Weltkrich seng Onofhängegkeet proklaméiert a sech vun der Kolonialmuecht Holland geléist. Et huet een awer misse bis d'Joer 1999 ofwaarden, bis déi éischt fräi Wahlen zënter 1955 konnte gemaach ginn. Zënterhier schéngt den demokratesche Wandel an dësem Land säi Laf geholl ze hunn. Och d'Attentater am Joer 2000 op d'Bourse vu Jakarta wéi och am Joer 2002 zu Bali hunn dësem Prozess keen Ofbroch bruecht.

2004 goufen nämlech déi éischt direkt Presidentewahlen duerchgefouert. An d'Observatiounsmissiounen vun der EU hunn an dësem Zesummenhang och e ganz positive Bilan gezunn, wann ee bedenkt, dass sech Indonesien duerch eng Abberzuel vun Ethnien, Kulturen, Sproochen a Reliounen auszeechent.

Indonesien ass op regionalem Plang e Schwéiergewicht. De Rapporteur huet et grad gesot. Et ass, wat d'Fläch an d'Awunnerzuel betrëfft, dat gréisste Land a Südostasien. Am internationale Ranking läit Indonesien mat ëm déi 240 Milliounen Awunner op der véierter Plaz.

An awer liewe ronn 52% vun der Populatioun an Aarmut, dat heescht mat manner wéi zwee Dollar den Dag. An déi wirtschaftlech Kris vun 1997 an och den Tsunami vun 2004 hunn dëst Bild sécherlech net verbessert. Indonesien huet och zum Beispill e PIB vun 3.200 Dollar op de Kapp pro Joer.

Souwuel fir Lëtzebuerg wéi och fir d'EU ass Indonesien de véiert wichtegsten Handelspartner vun den aktuellen zéng Länner vun der ASEAN. Et ass also vu strategescher Wichtigkeet fir d'EU an och fir de Grand-Duché, fir eis Beziéunge mat dësem Partner ze formaliséieren.

Dësen internationale Vertrag soll och derzou bäidroen, dass eis national an europäesch Entreprisen an Zukunft e besseren Accès op den indonesesche Marché solle kréien.

Et ass awer sécher och fir Indonesien net onwichtig, nieft dem Handel och vun de Finanzhëllef vum der EU kënnen ze profitéieren. Letztendlich soll een dësen Accord awer net nëmmen op dat Ekonomescht a Finanziellt begrenzen. Dësen Accord betrëfft nämlech nieft den Handelsbeziéungen och d'Kooperatioun a Beräicher wéi Mënscherechter a Justiz, an och am Kampf géint déi organiséiert Kriminalitéit an de Mënschen- an den Drogenhandel; fir nëmmen dës puer Punkten ze nennen.

Mir sinn deemno averstanen dësem internationale Vertrag zoustëmmen a ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Eischen. Et war alles esou komplett, datt och wärscheinlech den Ausseminister näischt méi wëllt derbäifügen.

► **Plusieurs voix.**- Ohohoh!

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères*.- Här President, ech wollt just ee Wuert soen an opgräifen, wat den Här Rapporteur gesot huet. Et ass e wichtegen Accord. Ech wëll soen, dass Indonesien dat Land ass mat där gréisster muslimescher Communautéit op der Welt, e moderaten Islam, do-duerch eng ganz staark Appréciatioun iwwerall op der Welt féint. E wichtegt Land. An ech mengen, et ass gutt fir d'Europäesch Unioun, dass mer deen Accord elo ofschléissen.

Merci villmools.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Minister. Domadder komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6433 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

De Vote ass ofgeschloss an de Projet de loi 6433 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Jean-Paul Schaaf), Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank (par M. Paul-Henri Meyers), MM. Léon Gloden (par M. Lucien Clement), Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter (par M. Serge Wilmes);

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helmingier, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Eise leschte Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtteg ass de Projet de loi 6442, eng Ofännerung vum Code du Travail. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. An et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Adehm, den Här Bauler, d'Madame Loschetter, den Här Gibéryen an den Här Urbany. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Roger Negri. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

12. 6442 - Projet de loi portant modification

1. du Code du Travail;

2. des articles 1^{er} et 2 de la loi du 3 août 2010 1) portant introduction de diverses mesures temporaires visant à promouvoir l'emploi et à adapter les modalités d'indemnisation de chômage et complétant ou dérogeant à certaines dispositions du Code du Travail; 2) modifiant les articles L. 513-3, L. 521-7 et L. 523-1 du Code du Travail; 3) modifiant la loi modifiée du 17 février 2009 portant: 1. modification de l'article L. 511-12 du Code du Travail; 2. dérogation, pour l'année 2009, aux dispositions des articles L. 511-5, L. 511-7 et L. 511-12 du Code du Travail;

3. des articles 2 et 3 de la loi modifiée du 17 février 2009 portant 1. modification de l'article L. 511-12 du Code du Travail; 2. dérogation, pour l'année 2009, aux dispositions des articles L. 511-5, L. 511-7 et L. 511-12 du Code du Travail

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

► **M. Roger Negri** (*LSAP*), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Härden, d'Verlängerung vun der Kuerzaarbecht, d'Upassung vun de Chômagemoosname fir Leit ab 50 Joer an d'Méiglechkeet fir Interimsagencen, net méi ausschliesslech Zäitaarbecht ze vermëttelen, dat sinn déi dräi Haaptstéchwierder vum Gesetz vun haut am Kampf géint d'Aarbechtslosigkeit an eise Land. D'Wirtschaftskris, déi ganz Europa am Moment beschäftegt, ass fir vill Leit hei zu Lëtzebuerg net iwwerall ze spieren, mä d'Illusioun, dass mir hei dovunner verschount bleiwen, täuscht. An een Deel vun eiser Bevëlkerung kritt déi aktuell Kris am Moment ganz haart ze spieren.

Déi aktuell Chômagezuele schwätze fir sech. Am Mee 2012 ware 14.057 Persounen bei der ADEM ageschriwwen. Dat sinn der 1.490 méi wéi am leschte Joer. Eng Steigerung vun 11,9%. Am Mee 2012 hate mir e Chômage-taux vu 6,1%. D'lescht Joer war en ëm déi Zäit bei 5,6%.

Déi europäesch Aktualitéit weist eis, dass en Enn vun der aktueller Kris nach net a Siicht ass. D'Meenungsënnerscheeder an der Eurozon dorriwwer, wéi déi Kris kéint geléist ginn, maache weiderhi groussen Drock op d'Marchéeën a verhenneren, dass d'Entreprisen an d'Konsumenten erëm Vertraue schöpfen an investéieren an domat nei Aarbechtsplaze schafen. An hantert dësen Zuelen, do sti Mënschen a Familljen, déi ganz oft ëm hir Existenz kämpfe mussen.

(Mme Anne Brasseur prend la présidence.)

D'Kris trifft haaptsächlech déi sozial benodeelegt Leit, déi net oder weëneg qualifizéiert sinn. An do sinn de Moment nieft de jonke Leit, déi guer keng Aarbecht fannen, besonnesch staark déi Leit betraff, déi ëm 50 Joer al sinn a grad hir Aarbechtsplaz verluer hunn.

Madame Presidentin, de Projet de loi vun haut huet ënner anerem als Zil entspriechend Chômagemesuren, déi am Gesetz vum 3. August 2010 verankert gi waren, ze verlängeren. Si lafen dësen 31. August aus, a mam Gesetz vun haut gi se bis den 31. Dezember 2013 verlängert. Dat sinn als éischt d'Mesuren, déi d'Kuerzaarbecht betreffen.

Déi Mesuren hu sech an der Vergaangenheet gutt bewährt, well se et méiglech gemaach hunn eng ganz Partie Aarbechtsplazen ze retten an de Chômage ofzefriederen. D'Nofro op Kuerzaarbecht ass zwar am Verglach vun 2009 zrëckgaang, mä si ass awer nach ëmmer staark.

2009 sinn am Schnëtt ronn 129 Demanden am Mount erakomm, an dëst Joer sinn et der ronn 30 am Mount. Dofir muss dës Mesure trotzdeem nach verlängert ginn, well mer alleguerten net wëssen, wéi d'Konjunktur an der nächster Zäit evoluéiere wäert.

Eng Ufro op Kuerzaarbecht kënnen déi Betriber maachen, déi op d'mannst eng Reduktioun vu 40% vun hiren Aarbechtsstonnen ze verzechen hunn an och am Virfeld e Plan de maintien dans l'emploi respektiv en Accord mat de Sozialpartner ofgeschloss hunn.

Des Weidere gesäit de Gesetzesprojet vir, dass de Fonds pour l'emploi d'Sozialcotisatiounen iwwerhëlt fir déi Betriber, déi säit sechs Méint scho vum Chômage partiel profitéieren.

Des Weidere gëtt och de Chômage partiel, dee bis elo op eng Period vu sechs Méint am Joer begrenzt war, op zéng Méint verlängert. Dëst ass noutwendeg, well d'Bedéngung, fir de Chômage partiel kënnen unzefroen, jo déi ass, dass eng Restrukturatioun am Betrib stattfënnt. D'Er-fahrung huet awer gewisen, dass déi kaum a sechs Méint duerchzeféieren ass.

Des Weidere gëtt den Alter, fir déi komplett Chômageindemnitéiten ze kréien, erofgesat. A fir verschidde Chômeuren, déi et besonnesch schwéier hunn, gëtt d'Ausbezuale vum Chômagegeld ëm sechs Méint verlängert.

Och gëtt bei de Chômageindemnitéiten den zweete Plaffong - dat sinn 200% vum Mindestloun - vu sechs op néng Méint verlängert, an deen drëtten Plaffong - dat sinn 150% vum Mindestloun - gëtt temporäremment net ugewant.

Madame Presidentin, dëse Projet de loi hieft des Weideren eng Lacune vum Gesetz vum 3. August 2010 op, déi déi eeler Chômeure betrëfft. D'Occupation temporaire indemnisée ass eng Mesure, déi et de Laangzäitchômeuren erlaabt, de Kontakt mat der Aarbechtswelt ze erhalen, andeems hinnen an de Ministèreen oder an de Gemengen Aarbechten, déi d'utilité publique sinn, zougewise ginn. Am Prinzip ass dës Mesure op sechs Méint begrenzt, mä fir Chômeure vu méi wéi 50 Joer kann d'OTI elo iwwert déi Period vun zwielef Méint ewech verlängert ginn.

Madame Presidentin, de Chômage, fir en effikass ze bekämpfen, heescht flexibel sinn, mä heescht awer och, der Realitéit an d'Aen ze kucken. Et ass haut kaum ze iwwersinn, dass d'Interimsagencen och hir Roll um Aarbechtsmarché niewent der ADEM hunn. Laut enger CEPS/Instead-Enquête wier d'ADEM nëmme fir 7% vun alle Rekrutementer zoustänneg. Dat huet de Statsrot a sengem Avis ervirgestrach. Do derniewent kréie ronn een Drëttel vun den Zäitaarbechter, déi vun enger Interimsagence rekrutéiert gi sinn, spéider e feste Kontrakt, en CDI.

Ech wëll op dëser Plaz eng kéier kuerz op d'Zäitaarbechtsfirmen agoen. Nom Artikel 131 vum Code du Travail ass en Entrepreneur de travail intérimaire: «toute personne, physique ou morale, dont l'activité commerciale consiste à embaucher et à rémunérer des salariés en vue de les mettre à la disposition provisoire d'utilisateurs pour l'accomplissement d'une tâche précise et non durable».

An der Praxis heescht dat, wann eng Firma fir eng kuerz Zäit, sief et fir eng Saison ze iwwerbrécken oder e Chantier fäerdeg ze maachen, Aarbechter brauch, déi sech dann un eng Interimsagence wennt. Déi Agence huet esou Leit an hirem Fichier. Déi ka se vermëttelen oder si wennt sech un d'ADEM, fir dee richtege Profil ze fannen.

D'Agence mécht engersäits e Kontrakt mat deene Leit, déi eng Aarbecht sichen, an anerersäits e Kontrakt mat der Firma, déi d'Aarbechtskräfte brauch. D'Chômeuren, déi bei der ADEM ageschriwwen sinn, kënnen also op déi Aart a Weis als Zäitaarbechter ënnerdaach kommen a vläicht souguer duerno, an dat ass ganz wichteg, en CDI ugebuede kréien.

D'Chômeure mussen fir dee Service näischt bezuelen. Mä déi Firma, déi op dee Service zrëckgräift, muss d'Interimsagence natierlech bezuelen.

D'Gesetz vun haut mécht et méiglech, dass d'Interimsagencen net méi exklusiv am Interimsberäich mussen tätég sinn, mä och Placementer fir fest Plaze kënnen maachen, a passt sech also deemno der Realitéit um Terrain un. Déi Tatsaach, dass d'Realitéit anescht ausgesäit wéi dee legale Kader, ass och vun der OIT, der Organisation internationale du travail, erkannt ginn. Do ass et am Laf vun deene leschte Jor-zéngten och - bei der OIT - zu engem Sinneswandel komm.

Am Joer 1958 nämlech ass d'Konventioun 96 ugeholl ginn, an där sech d'Staten dozou verpflichten, Bureaux de placements payants no an no ze verbidden. Am Joer 1997 awer huet d'OIT dunn d'Konventioun 181 ugeholl, déi déi privat Aarbechtsverméittlungsagencë betrëfft. An där Konventioun erkennt d'OIT d'Wichtigkeet vun deene privaten Agencé fir de Fonctionnement vum Aarbechtsmarché.

Mä si gesäit och eng Rei vu Mesurë vir, déi d'Aarbecht vun dësen Agencen encadréieren,